# Nicolas Feider

# Meng längste Joren

*Kandheet a Jugend am 2. Weltkrich*
*En Duerfjong aus dem Éislek erënnert sech*




Op der Lay

zu Meecher, am Heemechtshaus vu menger Mamm, och Doudiger ginn hott. Wat war do geschigt?

Meecher, eist Nopeschduerf, war een Dag méi spéit wéi Léifrig eng zweete Kéier vun den Amerikaner erëm befreit ginn. Wéinst dem stännige Beschoss haten och do d'Duerflegd sech an hire Kellere verkroch, besonnesch nuets. Wéi d'Amerikaner bis do waren, hu se gemengt, elo kënnt hinnen an hirem Duerf wuel näischt Schlëmmes méi passéieren. Si hunn dann och geschwënn dru geduecht, fer de kale Keller erëm mat hire wuerme Better ze tauschen. Sou och bei mengem Monni Jäng. Mee grad an der éischter Nuecht, wou si dat gemeet hunn (4. Januar 1945), hunn d'Preise vu Wooltz eriwwer Meecher mat hirer Artillerie beschoss.

Zwou Granaten hu géint Hallefnuecht d'Haus vu mengem Monni getraff. Dobäi sënn och meng Tata Anna, hiert Meedche Maria (5 Joer), meng Cousine also, an der Tata hire Brugder Aloyse Lafleur (17 Joer) ganz schro blesséiert ginn. Déi zwee aner Kanner Willy an Aloyse, së mat liichte Blessuren dervu komm. Dem Monni Jäng a sengem Brugder Mill, deen als Jonggesell an hirem Stot geliewt hott, war weider näischt geschigt. D'Maria an den Aloyse Lafleur hate Splitter an de Bauch kritt. D'Amerikaner hu sech ëm déi Blesséiert gekëmmert. Den aneren Dag gouf d'Maria hannerun engem aneren Haus am Duerf erëmfonnt. Hatt war dout! Hatt hat seng schro Blessuren nik iwwerliewt. Den Aloyse Lafleur an d'Tata Anna hunn d'Amerikaner op Léifrig transportéiert, wou an der Schoul engt Noutlazarett ageriicht gi war. Vun do aus goung et gläich weider. Dem Aloyse säi Schicksal war lang Zäit onbekannt. Seng Famill hott no der Offensiv nach méintelang no him gesicht. Schliisslich ass zu Bettborn am Préitzerdall engt Graf fonnt ginn, wou een onbekannten Zivilist dra begruewe gi war. Un e puer perséinliche Saachen, déi e bei sech gedroen hott, hunn se den Aloyse erëmerkannt. Hee war de 6. Januar 1945 u senge schwéiere Verletzunge gestuerwen. D'Tata Anna, déi héichschwanger war, hat et e bësse manner schro erwëscht. Ee Granatsplitter hat si un engem Äerm getraff. Den Äerm war doduerch gebrach. D'Amerikaner hunn si vu Léifrig aus an d'Clinique Saint-François um Fëschmaart an der Stad bruecht, wou si vum Dr. Delvaux operéiert ginn ass. Fer de Rescht vun hirem Liewen hat si als Läinzeechen eng déck Kaul an hirem Äerm. Am Spidol, hott d'Tata Aline, déi jo als Nonn an als Infirmière do geschafft hott, sech ëm